

Merci de Schmelzaarbechter

Haut - den 30. Abrëll 2020 op der traditioneller 1.Mee-Virfeier sinn mir just an engem ganz klengen Krees zesumme komm fir de Schmelzaarbechter ze éieren.

Vun där Plaz - an op deem speziellen Dag - mengen Virgänger, besonnesch dem René Mackel – e groussen Merci fir hiren Engagement an där vill Aarbecht zu Éiere vun de Schmelzaarbechter. De René Mackel ass ausserdeem e Piller gewiescht fir de Grondsteen fir eisen Musée iwwer de Schmelzaarbechter ze leeën. E Musée hei am Süden vum Land, deem senges gläichen sicht, an deem e breede Bléck an d'Liewe vum Schmelzaarbechter offrëiert.

Ech well ervirhiewen, dass mir fir Esch 2022 en ganz schéinen Programm mat den Ferro Forum op d 'Been gesat hunn. Den Héichpunkt vun eisen Aktivitéiten am leeschte Joer war eis 1.Mee-Virfeier am Pompelhaus mat dem Schmelzaarbechter senger klassischer Mettwurst mat enger Enn am Alu-Pabeier gewéckelt a gebroden. Zesumme mat dem Éierewäin, offrëiert vun der Gemeng sollt dat eng flott Traditioun ginn.

Haut kënnen mir leider net zesumme feieren an de Schmelzaarbechter a grousser Zuel éieren. De Coronavirus huet eis en décke Stréch duerch Rechnung gemaach, ... an eis Memberen, Invitéen oder soss Éieregäscht sinn all excuséiert. Mir hoffen, datt mir dat nächst Joer eis Traditioun zum Gedenken un de Schmelzaarbechter nees opgräife kënnen an a grousser Zuel nees present dierfe sinn. Haut am klengen Krees, zesumme mam Buergermeeschter leeën mir Blumme néier.

D 'Schmelzaarbechter hunn sech ëmmer missten een op den aneren, wéinst de geféierlechen Aarbechten verlosse kënnen. Dat ass haut mat dem geféierlechen Coronavirus net anescht. Wannechgelift haalt Iech un d 'Reglementer, där de Moment gëllen, a bleift gesond a gitt dem Coronavirus keng Chance sech verbreedden ze kënnen. Zesumme stoen an enger schwiereger Zäit, ... et ass dat wat zielt!

Mir publizéieren e puer Biller vun der klenger Zeremonie op Internet. Mir freeën eis iwwer all Artikel am enger Dageszeitung. D'Metzer Schmelz huet vill Geschichten ze erzielen, d 'Schmelz huet och d'Kapitele vun der Lëtzebuerger Sozialgesetzgebung quasi nei formuléiert. Den Aarbechter huet méi Rechter kritt, ass besser ofgeséichert ginn, ... et war e laange, ustrengende Kampf. All dat solle mir net vergiessen.

Loosst eis dofir zesummen d'Undenken un den Schmelzaarbechter héich halen.

Merci, Alain Guenther,
Präsident vun der Amicale Schmelzaarbechter